


SYN ER GIE

FEBRUAR 2022 #65

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden



**KANTON
REIDEN**



FIERKELSMAART

03. ABRÉLL 2022

Rammerich

10:00-18:00



IESSEN & GEDRENKS | PRODUKTER AUS DER REGION
LIEWEG DÉIEREN FIR ZE KUCKEN AN ZE HEEMELN

Org. : Gemeng Rammerich



Impressum

Rédaction, direction artistique,
illustration, mise en page
& suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements
& réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute
reproduction, ou traduction,
intégrale ou partielle, est
strictement interdite sans
autorisation écrite au
préalable de l'éditeur.

Prochaine parution
Fin avril 2022

Clôture annonce
Début avril 2022

Tirage
13.000 exemplaires

Magazine régional d'information
bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l.
en collaboration avec le Syndicat
Intercommunal „Kanton Réiden“ et
le Groupe d'Action Locale Leader
Atert-Wark.



Fonds européen agricole pour le
développement rural: l'Europe
investit dans les zones rurales.

Sommaire

02 Déi nei Beki
Schäiner sinn do!

05 Veräiner aus dem
Kanton Réiden



06 „Pakt vum
Zesummeliewen“

08 Nohalteg
Digitalisierung:
Wéi soll dat goen?



10 Perlé – Ehemaliger
Schieferbruch

14 Trinkwasserschutz
in der Region

17 Al Fotoen aus eisem
Kanton gesicht!



18 Eternum
Pompes Funèbres

20 Adaptations Réseau
RGTR dans notre
Canton

22 Le nouveau P&R
Schwebach
est ouvert !

23 5 kulinaresch
Télévie-Events

24 Hëtze mat
erneierbaren
Energien

26 Clever primes -
Nouveauté



28 CUBE 521

30 Agenda

Déi nei Beki Schäiner sinn do!

Et ass déi véiert Serie vu Beki Schäiner, déi elo zanter dem Start am Joer 2013 gedréckt ginn ass. A well dëst Joer och den digitale Beki agefouert wäert ginn, huet sech de Beki Veräin „De Kär“ geduecht, et wier un der Zäit, d'Schäiner duerch eng Moderniséierung opzewäerten an den Design z'erneieren.



D'Zeechnunge komme vun zwee ganz jonke Kënschtler, dem Gilles Even an dem Felix Reinard, allebéid aus der Gemeng Ell a gemeinsam Gewënner vum Concours deen heivir lancéiert gi war. D'Grafikerin Nina Bezirgani huet doraus richteg flott Schäiner gemaach.

Nei ass och, dass op der Récksäit net nëmme Reklamme sinn, mä och al lokal Seechen, insgesamt zeng Geschichten, eng pro Gemeng aus dem Kanton Réiden. D'Sozialpädagogin Manon Bissen an ee fréiere fréie Mataarbechter vum Feierkrop hu se erausgesicht an interpretéiert. D'Romaine Ziser, bekannt aus dem Miro zu Randschelt, vun deem dës flott Iddi koum, huet se op der Hand geschriwwen.

Den Alex Kampa, Direkter vu Sikoba, déi och d'App BekiPay entwéckelen, huet de komplizéierten Drockdosier opgesat, deen den Emplacement vun de Reklammen a Seriennummere koordinéiert. An der Imprimerie Centrale sinn se gedréckt ginn. Jiddereen dee se bis elo gesinn huet, ass begeschtert vum neien Design.

De Komitee vum Kär seet alle Bedeelegten häerzlech Merci a felicitéiert hinnen zu dëser gelongener Aarbecht!



Felix Reinard

Wou kann een déi flott Schäiner kréien?

D'Schäiner waarden op lech zu Réiden bei der BGL, Post, Raiffeisen a Spuerkeess, grad wéi am Tourist Info Wëlle Westen zu Useldéng an op Rendezvous op der Biekerecher Millen. Schüler a Proffen vum ALR kënnen se och beim Comptable vum ALR kréien. Och de lokale Banquieren, déi elo schon zanter néng Joer dës Service gratis ubidden, gëllt dohir ee ganz grouse Merci!

Een Hommage un d'Erfollegsgeschicht vum Gemengesyndikat Kanton Réiden

Dës Beki Serie gouf a méi enker Zesummenaarbecht tëscht dem Veräin De Kär an dem Gemengesyndikat Kanton Réiden ëmgësat. Si sinn och een Hommage un den 30 järege Anniversaire vum Kanton Réiden. D'Sujeten déi op de Schäiner duergestallt sinn, sinn deemno déi Themen déi dem Syndicat um Häerz leien:

- 1er Beki: Economie
- 2er Beki: Ländlech Entwécklung
- 5er Beki: Tourismus
- 10er Beki: Kanner a Jugend
- 20er Beki: Klima an Ëmwelt
- 50er Beki: Drëtten Alter

De Komitee vum Kär seet och dem Gemengesyndikat, deen de Projet zanter 2014 ënnerstëtzt, villmools Merci!



Gilles Even

De Beki ass d'Resultat vun engem EU Leader Projet, deen d'Gemeng Biekerech 2011 gestart hat. 2013 sinn déi éischt Beki an Ëmlaf komm. Wien mat Beki bezilt, léist eng ganz Kettereaktioun u weidere lokalen Akafen aus, well d'Betribere se weider an der Regioun zirkuléiere loossen. Dat ass den Ennerscheid zum lokalen Akafen mat anere Bezuelmëttel. Et erhéicht een den Impakt vu sengem lokale Konsum an domadder de positiven Impakt op seng Ëmwelt; sief dat duerch d'Erhale vu liewegen Dierfer mat lokale Betribere, sief dat duerch d'Schoune vun den natierleche Ressourcen an der Reduktioun vun CO2. Méi wéi 100 Betribere hu sech där Iddi ugeschloss. Dir fannt se op Beki.lu an der Rubrick Akafen.

All Mënsch ass fäeg, d'Welt e bëssche besser ze maachen. A mam Beki erhéicht deen Eenzelen säin Impakt.



De Kär a.s.b.l.
 103, Huewelerstrooss
 L-8521 Beckerich
 T 23 62 21 847
 T 691 888 295
info@beki.lu
www.beki.lu

Facebook Beki @den_Beki

Les nouveaux billets Beki sont arrivés !

C'est déjà la quatrième série de billets Beki qui sont maintenant imprimés depuis son lancement en 2013. Et puisque le Beki numérique sera introduit cette année, l'association « De Kär », qui gère le Beki, se disait qu'il serait temps de modernisation et de renouveler le design des billets.



Les dessins ont été réalisés par deux très jeunes artistes, Gilles Even et Félix Reinard, tous deux originaires de la commune d'Eil et co-lauréats du concours précédent. La graphiste Nina Bezirgani en a fait de très beaux billets.

La nouveauté aussi, c'est qu'au verso se trouvent non seulement des publicités, mais aussi d'anciennes légendes locales, un total de dix histoires, une par commune du canton de Redange. L'éducatrice sociale Manon Bissen et un ancien pigiste du Feierkrop les ont sélectionnées et interprétées. Romaine Ziser, connue du Miro à Rindschleiden, à l'origine de cette idée géniale, les a écrites à la main.

Alex Kampa, directeur de Sikoba, qui développe également l'application Beki-Pay, a mis en place le fichier d'impression complexe qui coordonne le placement des publicités et des numéros de série. A l'Imprimerie Centrale, ils ont été imprimés. Tous ceux qui les ont vu jusqu'à présent sont ravis du nouveau design.

Le comité du « De Kär » tient à remercier tous les participants et à les féliciter pour leur travail réussi!

Où puis-je obtenir ces belles billets?

Les nouveaux billets Beki vous attendent à Redange à la BCEE, la BGL, la Poste et la Raiffeisen ainsi qu'au Tourist Info Wëlle Westen à Useldange et sur rendez-vous au moulin de Beckerich. Les élèves et les enseignants de l'ALR peuvent également l'obtenir auprès du comptable de l'ALR. Un grand merci également aux banquiers locaux qui proposent ce service gratuitement depuis maintenant neuf ans !

Hommage à la success story du syndicat intercommunal Kanton Réiden

Cette série Beki a été réalisée en étroite collaboration entre l'association « De Kär » et le syndicat intercommunal Kanton Réiden. Ils sont aussi un hommage aux 30 ans du canton de Redange. Les sujets représentés sur les billets sont donc les sujets qui sont importants pour le syndicat :

- 1 Beki : Économie
- 2 Beki : Développement rural
- 5 Beki : Tourisme
- 10 Beki : Enfants et jeunes
- 20 Beki : Climat et environnement
- 50 Beki : Troisième âge

Le comité du « De Kär » tient également à remercier le syndicat intercommunal qui soutient le projet depuis 2014 !

Le Beki est le résultat d'un projet européen Leader lancé par la commune de Beckerich en 2011. En 2013, le premier Beki est entré en circulation. Payer avec des Beki déclenche toute une réaction en chaîne d'achats locaux, car les entreprises continuent de les faire tourner dans notre région. C'est cela la différence entre des achats locaux avec les autres méthodes de paiement. Il augmente l'impact de votre consommation locale et donc l'impact positif sur votre environnement. Plus de 100 entreprises ont rejoint l'idée. Vous pouvez les retrouver sur Beki.lu dans la rubrique Achats.

Tout le monde est capable de rendre le monde un peu meilleur. Et avec les Beki, l'individu augmente son impact.



De Kär a.s.b.l.
103, Huelwelerstrooss
L-8521 Beckerich
T 23 62 21 847
T 691 888 295
info@beki.lu
www.beki.lu

 Facebook Beki  den_Beki

Veräiner aus dem Kanton Réiden

Clubs du canton de Redange

Op der Sich no Nowuess

Ëmmer méi Veräiner bekloen sech dass et bei hinnen un aktivem Nowuess feelt. Sidd Dir als Veräin och op der Sich no Leit déi ären Interessi deelen an Dir sicht no enger spezieller Persoun zB e neie Caissier?

De „Kanton Réiden“ wollt lech an deenen nächste Synergien eng Méiglechkeet bidde fir är Besoinen a Form vun enger klenger gratis Annonce kënnen ze publizéieren.

Huelt Kontakt mam Mike Scholtes (T 28 334-030) vum „Kanton Réiden“ op, fir déi weider Formalitéite vun dëser Annonce.

Gratis Agenda fir är Evenementer

Profitéiert vun der gratis Lëtzebuenger Plattform Echo www.echo.lu fir är Eventer ze publizéieren. Är Eventer déi dir hei androt si gläichzäiteg op ganz villen aner Plazen ze gesinn, zB Sitë vum ORT, visitluxembourg.com an och herno op den neie Sitte vum „Kanton Réiden“ an sengem Tourist Info déi an deenen nächste Méint nei erauskommen.

À la recherche de nouveaux membres actifs

De plus en plus de clubs et associations se plaignent d'un manque de nouveaux membres actifs. Êtes-vous aussi à la recherche de personnes qui partagent vos intérêts et recherchez-vous une personne précise pour votre club, comme par exemple, un nouveau caissier ?

Le « Kanton Réiden » souhaite vous aider en vous donnant la possibilité de publier une petite annonce gratuite avec vos besoins dans les prochaines Synergies.

Contactez Mike Scholtes (T 28 334-030) du « Kanton Réiden » pour plus d'informations sur les formalités de cette annonce.

Agenda gratuit pour vos évènements

Profitez de la plateforme gratuite luxembourgeoise Echo www.echo.lu pour publier vos évènements. Les évènements que vous introduisez dans cet agenda sont visibles à de nombreux autres endroits comme par exemple les sites des ORT, visitluxembourg.com et après également sur les nouveaux sites du « Kanton Réiden » et de son bureau touristique qui feront peau neuve dans les mois à venir.



**KANTON
RÉIDEN**

**Syndicat Intercommunal
Kanton Réiden
Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-030
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

echo

**Méi Info op :
Plus d'info sur :**

www.echo.lu

„Pakt vum Zesummeliewen“

Een neien Service vum Kanton Réiden



Karsten Kuepper
Chargé à l'integratioun
„Pakt vum Zesummeliewen“

Moien, ech sinn den Karsten Kuepper, frësch vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg engagéiert fir d'Ëmsetzung vum „Pakt vum Zesummeliewen“ ze begleeden. Ier ech lech d'Iddi vum Pakt erklären an déi nächst Schrëtt weisen, hei e puer Wierder iwwer mech selwer: Ursprénglech aus Däitschland, wunnen ech zanter méi wéi 15 Joer mat menger Famill am Préizerdaul. Ech mengen ech sinn erfollegräich integréiert dank de Leit déi eis gehollef hunn, de Veräiner déi eis opgeholl an den Institutiounen déi eis ënnerstëtzt hunn.

Dofir sinn ech besonnesch frou, als Chargé à l'integratioun mam „Pakt vum Zesummeliewen“ am Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg dozou bäizedroe fir d'Liewensqualität weider z'erhéijen, natierlech zesumme mat lech alleguer. Well dat ass de Basisgedanke vum Pakt: All eenzel Persoun, all Bierger wéi och all Veräiner an Associatioune wëllen a kënnen zum Zesummeliewe bäidroen, jee no individuelle Méiglechkeeten an Interessen.

An deem Sënn ass de Pakt vum Zesummeliewen e Pakt tëscht alle Bierger, fir sech am Kanton Réiden an zu Mäerzeg an enger lieweger Gemeng z'engagéieren, an där jidderee seng Plaz fënnt. Mat der Ënnerschrëft verpflichten sech d'Gemeng Mäerzeg an de Kanton Réiden mat de Gemenge, déi dozou gehéieren, a mat hire jeeweilegen Integratiounskommissiounen, souwéi de Ministère fir Famill, Integratioun an d'Groussregioun, sech an engem dynamesche Prozess op Basis vun der Biergerbedeelegung enk zesammenzeschaffen.

Wat heescht dat konkret? D'Gemenge sinn den Zentrum vum Zesummeliewen an den éischte Kontaktpunkt. An eis Gemenge wuessen, veränneren sech. Nei Awunner komme bei eis, déi eng aus aneren Deeler vum Land, déi aner aus der ganzer Welt. Mir wëllen dru schaffen, fir d'Gemengeliewen zum Wuel vun allen lieweg ze gestalten a gläichzäiteg déi „Nei“ begrëissen an engem diversen an toleranten Ëmfeld, an deem mir alleguer mat Freed a Genoss kënnen liewen.

Dofir wëlle mir zesumme mat den Integratiounskommissiounen a mat der Ënnerstëtzung vum Familljeministère an alle Gemenge Bierger-Atelieren ofhalen, op déi all Bierger aus der jeeweileger Gemeng invitéiert sinn, fir dem Zesummeliewe förderlech Aktiounen auszeschaffen. En éischte Schrëtt heihin ass d'Consultatioun déi Dir all viru kuerzem kritt an hoffentlech och scho beäntwert hutt. Är Äntwerten definéieren d'Themen déi mir mat lech diskutéieren an domat eis Aktiounen.

Fir d'Ëmsetze vun den Aktiounen ze koordinéieren, wäerte mir e Comité de Pilotage opstellen. All Integratiounskommissioun soll dofir ee Verrieder delegéieren. Zesumme mat engem Conseiller vum Familljeministère an



Pakt vum Zesummeliewen
Maison Worré
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-210
karsten.kuepper@kanton-reiden.lu
www.zesummeliewen.lu



de Vertrieeder vum Kanton Réiden an der Gemeng Mäerzeg wäert de Comité de Pilotage Richtlinnen opstelle fir d'Mesuren, déi an den nächste Joren ëmgesat ginn, a reegelméisseg d'Etappe vum Pakt evaluéieren an an de Gemenge bekannt maachen. Transparenz ass eis wichteg a sou kënnen mir och mat lech de Kontakt halen.

D'Gemenge verpflichten sech Moyenen zur Verfügung ze stellen déi gebraucht gi fir d'Ëmsetze vum Pakt an dem Comité de Pilotage ze hëllefen, déi geplangte Moosname bekannt an zougänglech ze maachen. De Ministère ënnerstëtzt eis mat engem Conseiller op nationalem Niveau an iwwe seng konventionéiert Partner, während et meng Aufgab ass, e nohaltege Reseau tëscht de Gemengen am Kanton an der Gemeng Mäerzeg opzebauen an eng erfollegräich Zesummenaarbecht ze erméiglechen.

Méi Informatiounen zum Pakt vum Zesummeliewe fannt Dir um Internetseite www.zesummeliewen.lu. Ech freeë mech drop zesumme mat lech d'Zukunft vum Kanton ze gestalten!



Bonjour, je suis le nouveau. Fraîchement engagé par le canton de Redange et la Commune de Mertzig pour superviser la mise en œuvre du « Pakt vum Zesummeliewen ». Et avant de vous expliquer l'idée du pacte et de vous illustrer les prochaines étapes, voici quelques mots sur ma personne : Originaire d'Allemagne, je vis avec ma famille à Préizerdaul depuis plus de 15 ans et je tiens à remercier les personnes qui nous ont aidés, les clubs qui nous ont acceptés et les institutions qui nous ont soutenus à une intégration réussie.

C'est pourquoi je suis particulièrement heureux de pouvoir contribuer, en tant que Chargé à l'intégration, et avec l'aide de vous tous, à l'amélioration de la qualité de vie dans le canton de Redange et la commune de Mertzig par la mise en place du « Pakt vum Zesummeliewen ». L'idée de base du pacte est claire : chaque personne, chaque citoyen ainsi que tous les clubs et associations veulent et peuvent contribuer au vivre-ensemble, tout en respectant les possibilités et les intérêts de tout un chacun.

Et en ce sens, le « Pakt vum Zesummeliewen » est un pacte entre tous les citoyens pour s'impliquer dans une communauté vivante au canton de Redange et la commune de Mertzig, dans laquelle chacun peut trouver sa place. Par la signature, la commune de Mertzig et le canton de Redange avec les communes qu'il comprend, avec leurs commissions d'intégration respectives, ainsi que le SYVICOL et le ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région, s'engagent à travailler en étroite collaboration dans une dynamique basée sur la participation citoyenne.

Qu'est-ce que cela signifie concrètement ? Les communes sont au cœur du vivre-

ensemble et le premier point de contact. Elles grandissent et elles changent. De nouveaux résidents s'installent, arrivant d'autres régions du pays ou de partout dans le monde. Il nous importe de dynamiser la vie locale au profit de tous et en même temps d'accueillir les « nouveaux arrivants » et de les faire participer à un environnement diversifié et tolérant dans lequel nous aimons tous vivre avec plaisir.

À cette fin, nous voulons organiser des ateliers citoyens avec les commissions d'intégration et avec le soutien du ministère de la Famille dans chaque commune. Tous les citoyens de la commune respective sont alors invités à élaborer des actions en faveur du vivre-ensemble. Une première étape vers la participation citoyenne est la consultation que vous avez reçue récemment et à laquelle vous avez répondu, je l'espère. Vos réponses définissent les sujets que nous aborderons avec vous et donc nos actions.

Afin d'assurer la mise en œuvre des actions, nous mettrons en place un comité de pilotage. Nous inviterons chaque commission d'intégration d'y déléguer un représentant. En collaboration avec un Conseiller d'intégration du ministère de la Famille et les représentants du canton de Redange et la commune de Mertzig, le comité de pilotage élaborera des lignes directrices pour les mesures à mettre en œuvre dans les prochaines années, évaluera régulièrement le processus et fera connaître les activités et actions dans les communes. Nous voulons donc assurer la transparence et rester en contact avec vous.

Les communes, quant à elles, s'engagent à mettre à disposition les moyens permettant la mise en œuvre des projets relatifs au Pakt et à aider le comité de pilotage à communiquer les mesures envisagées et à les rendre accessibles à tous les citoyens. Le ministère nous accompagne avec un Conseiller à l'intégration au niveau national et via ses partenaires conventionnés, tandis qu'il m'appartiendra de construire un réseau durable entre les communes du canton et la commune de Mertzig et d'assurer une coopération fructueuse.

Vous trouverez plus d'informations sur le « Pakt vum Zesummeliewen » sur le site www.zesummeliewen.lu. Je me réjouis de façonner l'avenir du canton avec vous !

Nohalteg Digitaliséierung: Wéi soll dat goen?

De Verkéier am Internet ass enorm a klëmmt drastesch vu Joer zu Joer. Den Transfert vun all dësen Date geet awer net ouni vill Energie. A well all dës Energie weltwäit nach meeschtens mat Kuel a Gas produzéiert gëtt, klammen esou och d'Zäre-Gaser mat. Dësen Trend schéngt awer net méi ze stoppen ze sinn a gläichzäiteg sollen a musse mir eis Emissiounen erofschrauwen – wéi soll dat goen?



Interview mam
Michel Wilwert,
Ëmweltberodung
Lëtzebuerg

De Syndikat vum Kanton Réiden huet zu dësem pertinentem Thema eng Formatioun mat der Ëmweltberodung Lëtzebuerg fir d'Gemengepersonal an d'Politiker aus den 10 Gemengen organiséiert. Mir hu profitéiert fir dem Michel Wilwert vun der EBL e puer Froen ze stellen:

Wéi vill dréit den Internet zum Klimawandel bäi?

Wann den Internet e Land wier, da géing sech dëst punkto CO₂-Emissiounen op drëtter Plaz hannert China an Amerika befannen. Tendenz ass um nationalen, wéi och um globalen Niveau, leider staark um klammen. Dëst gëtt duerch déi ganz „Daten“ bedéngt, déi ronderëm d'Welt verschéckt ginn. Den Transfert vun Dateverbrauch enorm Ressourcen. Dobäi si Stroum a Waasser déi direkt miessbar Variabelen. An elo schwätze mer nach net vun der ganzer Infrastruktur, de Milliounen Serveuren, Kabelen (och ënnert dem Mier), Satellitten, etc, déi extra dofir agesat goufen, fir dass mir eis E-Mailen, Fil-

mer oder neiste Kazebillen ukucke kënnen. E kleng „Klick“ op der Tastatur heiheem, gräift direkt op eng ganz Maschinerie um globalen Niveau zeréck. Den Internet representéiert soumat fir mech dat perfekte Beispill vu „Think global, act local“.

Brauche mir iwwerhaapt dës Digitaliséierung? Widderspricht sech „Nohaltegkeet“ an „Digitaliséierung“ net?

„Nohaltegkeet“ an „Digitaliséierung“ mussen a wäerten ëmmer als „Ganzes“ an Zukunft betruecht ginn. Den negativen ekologesche Foussofdruck vun der Digitaliséierung ass do a wäert ëmmer méi grouss gi falls mer se net direkt vun Ufank un nohalteg ugin. Op der anerer Säit bitt d'Digitaliséierung och d'Meiglechkeet fir enorm Ressourcen anzespieren a soumat direkte Klima- an Aarteschutz ze bedriewen. Et ass wéi esou oft: näischt ass schwaarz oder wäiss am Liewen. D'Digitaliséierung musse mer einfach als Handwierksgeschier ugesinn. An dat kann ee richtig oder falsch asetzen a benotzen.



**Syndicat Intercommunal
Kanton Réiden
Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-040
info@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu

Wou entsteet dee gréissten ekologeschen Impakt, ass et bei der Hierstellung vum Gerät oder ass et de Stromverbrauch oder ...?

Oft gëtt gemengt, datt déi riseg Datenzentren a Server-Farmen dee gréissten ekologeschen Impakt hunn. Mee dëst ass definitiv net esou. De gréissten ekologesche Foussofdruck entsteet beim Endnotzer, also bei ons alleguerten. Dobäi mécht d'Herstellung vun eise Geräter, wéi Computer, Tëlee, Handy, bei wäitem de gréissten negativen Undeel aus. Op zweeter Plaz kënnt den Energieverbrauch, also d'Bedreiwe vun eise Geräter. Bedreiwe vun de ganzen Netzwerker, esou wei d'Herstellung an d'Bedreiwe vun den Datenzentre komme réischt op Platz 3 a 4.

Wat réits Du mir, wann ech mir iwwerleeën een neie Computer ze kafen?

Wéi virdrun ernimmt, entsteet de gréissten negativen Impakt duerch d'Produktion vum Apparat an net duerch de Strom, deen een duerno brauch. A wann ee méi genau de Computer als Beispill hält, da sinn d'Chips an de Bildschirm déi Elementer, déi Elementer, déi een iwwerproportional grouss Foussofdruck generéieren. Vereinfacht gesot, wat de Computer méi performant a wat den Ecran méi grouss, wat d'CO₂-Bilanz méi schlecht ass. Wann ech mer also een neie Computer kafe well, gëllt et sech mol als éischt ze froen: wat wëll ech mat dem Computer eigentlech genau maachen? Geet et duer fir puer Mailen ze schreiwen, am Internet ze surfen an eventuell puer Videoen ze kucken? Oder muss de Computer schwéierfälleg Programmer ausféieren a visuell performant Saachen ëmsetzen? Wéi eng Elementer kann ech eventuell nach vu mengem ale Model recuperéieren? D'Maus, d'Tastatur, de Bildschirm ...

Beim Kaf op d'Labelen oppassen: blauer Engel (kënn geschwënn), Energiestar, Oekotopten. Dir kënnt och de Reparaturindex (ifixit.com) nosichen.

Op wat soll ech bei mengen Internet – Recherchen oppassen?

Wa mer elo am Internet ënnerwee sinn, da ginn et puer allgemeng Tipps, wéi een den Datentransfer optimiséiere kann:

- > Net lauter Internetsäite parallel oploossen. Wëll Internetsäiten, déi op sinn, ginn sech ëmmer nees reegelméisseg updaten a verschécke soumat permanent Date ronderëm.
- > Wann's Du d'Adress kenns, direkt antippen (net an eng Sichmaschinn goen) a falls Sichmaschinn, dann am beschten eng ekologesch notzen (zB Ecosia). Iwwer d'Sichmaschinn ze fuere brauch 4x méi Energie.
- > Newsletteren, déi Dir net wierklech kuckt, direkt desabonnéieren.
- > Genau esou Maile läschen, déi's Du net méi brauchst!
- > Wann's Du grouss Fichieren, wéi Biller oder schwéier Pdfen u méi Leit muss verschécken hänk dës net un d'Email u, mee luet se an eng Cloud erop (Dropbox, We-transfer, ...) a géff da nëmmen den Download-Link un.

Ass Wifi oder 3G/4G besser?

Am energieeffizientsten ass de Kabel, da kënnt de Wifi an dann den 3G/4G. Dat heescht praktesch gesinn, beim Aarbechtslaptop dësen un den Ethernetkabel uschléissen, beim Handy dovunner profitéiere fir op fräi zougänglech Wifi Hotspots zrëckzegräifen. Dee gréissten Energieverbrauch huet ee wann een sech am Auto, Bus oder Zuch befënnt an den Handy enorm Leeschtung muss opbréngen fir quasi aus engem faradaysche Käfig eraus ze funken, a well e sech och nach beweegt, ëmmer nees nei Sendemasten afänke muss. Do mierkt een als Notzer och op ee mol wéi séier d'Batterie eidel an den Handy waarm gëtt.

Däerf ech elo kee Netflix méi kucken?

De Streaming ass per se näischt Schlechtes. Ët soll een ëmmer mat den aktuellen Alternative vergläichen. Sou ass et net onbedéngt gesot, dass de System „DVD“ mat senger ganzer Kette vu Produktioun, Vertrieb an Offall, méi ekologesch ass. Et kënnt ëmmer op den Detail un. De Risk beim Streaming ass awer, dass ee méi Filmer oder Serie kuckt wéi dat bei der classescher DVD de Fall war. Déi grouss Plattformen spillen nämlech bewusst mat eis fir deen nächste Video schonns an enger Virschau ulafen ze loossen. Hei gëllt et „staark“ ze bleiwen an net an déi „Klick-Fal“ eranzefalen.

Wat kann ech mat mengem ale Laptop an Handy maachen?

Al Laptops an Handyen, ob futti oder nach funktionell, sinn eng extrem wäertvoll Ressource. Et gëtt geschat, dass eleng zu Lëtzebuerg ronn 1 Millioun al Handyen an den Tiräng lungeren. An op der anerer Säit hu mer weltwäit méi wéi 27 Tonne Gold, 500 Tonne Sëlwer an aner wäertvoll Stoffen an dësen Apparater verbaut, déi esou net zrëck an de Material-Kreeslaf kommen. D'Caritas, mat ënner anere hirem Projet Digital Inclusion, sammelt beispillsweis al Computeren an Handyen, läscht all d'Daten drop, a baut dës Apparater nees esou op, dass se perfekt funktionéieren an u finanziell méi schlecht gestalte Leit kënne gespent ginn.

An zum Schluss nach een Ausbléck an eis Zukunft: geet dësen Trend esou weider oder hu mir de Peak erreicht?

All Prognose weisen drop hin, dass d'Digitaliséierung fir déi nächst Joerzéngte rasant wäert zouhuelen. Soumat wäerten ëmmer méi Apparater an Zukunft direkt oder indirekt mam Internet verbonne ginn (Stéchwuert: Internet of things). Elo hu mir an der Moyenne schonns 5 internetfäeg Geräter pro Kapp hei zu Lëtzebuerg. An den nächsten 2 Joer wäert sech dës Zuel verduebelen. Dëst si Geräter wéi Handy, Tëlee, Auto, Auer, mee och Staubsauger, Iwwerwachungskamera, Luucht, Thermostat, etc, ... An all déi Apparater senden méi oder manner oft Daten an d'Netz an zeréck. Den Datestrom wäert deemno net manner ginn!

Mir soen dem Michel Wilwert vun der EBL ee grouss Merci fir all dës interessant Informatiounen an hëllef-räich Recommendatiounen.



Natura 2000 – Eine Region voller Schätze

Perlé – Ehemaliger Schieferbruch

*Natura 2000 – Une région riche en trésors
Le site Perlé – ancienne ardoisière*

Im Nord-Westen des Kanton Redingen, in der Gemeinde Rambrouch, befindet sich ein rund 45 ha großes Natura 2000 Gebiet, welches den ehemaligen Schieferbruch östlich von Perlé und die ihn umgebende Waldflächen umfasst. Es ist ein Gebiet von großer nationaler Bedeutung und stellt sogar das wichtigste nationale Habitat einer seltenen Tierart dar.

Perlé – Ein Traum für Fledermausarten

Das Natura 2000 Gebiet besteht zu 90% aus Waldflächen und zu 2% aus Offenlandflächen. Der stillgelegte Schieferbruch macht mit 0,8 ha ebenfalls rund 2% der Gesamtfläche aus. Der Standort bietet ideale Bedingungen für 12 der insgesamt 17 hierzulande noch vorkommenden Fledermausarten. Vier dieser Fledermausarten sind auf der Liste des Anhang 2 der europäischen FFH-Richtlinie gelistet. Diese Liste umfasst Arten für die besondere Schutzgebiete ausgewiesen werden müssen. Bei den vier Arten handelt es sich um die Bechsteinfledermaus, die Wimperfledermaus, die Große Hufeisennase und das Große Mausohr. Demnach ist dieses Gebiet nicht nur ein sehr wichtiges nationales Schutzgebiet, sondern auch ein Fledermausgebiet von grenzüberschreitender und europäischer Bedeutung.

Für die Wimperfledermaus stellt das ausgewiesene Natura 2000 Gebiet sogar das wichtigste nationale Überwinterungsquartier dar, was die Relevanz dieser Waldflächen zusätzlich unterstreicht. Doch auch für die restlichen Fledermausarten dienen die Wälder und die drei europäisch geschützten Höhlen als wichtige Überwinterungs- und Schwarmgebiete.

< Im Natura 2000 Gebiet Perlé wurde früher Schiefer abgebaut. Heute leben in diesem Gebiet zwölf unterschiedliche Fledermausarten.
Le site Natura 2000 de Perlé était autrefois utilisé pour extraire de l'ardoise. Aujourd'hui, douze différentes espèces de chauves-souris habitent dans cette zone.

© Dan Petry

Nahaufnahme der Schieferplättchen in Perlé. >
Photo rapprochée des plaquettes d'ardoise de Perlé.

© Dan Petry

Au nord-ouest du canton de Redange, dans la commune de Rambrouch, se trouve un site Natura 2000 d'environ 45 ha, qui comprend l'ancienne ardoisière à l'est de Perlé et les forêts avoisinantes. Il s'agit d'un site d'importance nationale majeure et constitue même le site principal d'habitat national d'une espèce animale rare.

Perlé - Un rêve pour les espèces de chauves-souris

Le site Natura 2000 est composé à 90% de surfaces boisées et à 2% de surfaces ouvertes. La carrière d'ardoise désaffectée représente également environ 2% de la surface totale, soit 0,8 ha. Le site offre des conditions idéales pour 12 des 17 espèces de chauves-souris encore présentes dans le pays. Quatre de ces espèces de chauves-souris figurent sur la liste de l'annexe 2 de la directive habitat européenne. Cette liste comprend des espèces pour lesquelles des zones de protection spéciales doivent être déclarées. Ces quatre espèces sont le Murin de Bechstein, le Murin à oreilles échancrées, le Grand Rhinolophe et le Grand Murin. Par conséquent, ce site est non seulement une zone de protection nationale très importante, mais aussi une zone d'importance transfrontalière et européenne pour les chauves-souris.

Pour le Murin à oreilles échancrées, le site Natura 2000 est même le principal site d'hibernation nationale, ce qui souligne encore l'importance de ces forêts. Toutefois, les forêts et les trois grottes protégées au niveau européen constituent également des zones d'hivernage et d'essaimage importantes pour les autres espèces de chauves-souris.





Maßnahmen zur Erhaltung und Verbesserung des Gebietes

Mesures de conservation et d'amélioration du site

^
 Myotis myotis – Großes Mausohr, eine europaweit geschützte Fledermausart, welche im Natura 2000 Gebiet in Perlé vorkommt.

Grand murin, une espèce de chauve-souris protégée au niveau européen, présente dans le site Natura 2000 de Perlé.

© Yves Krippel

Da sich sowohl die Waldflächen als auch die Höhlen als essentielle Habitate für zahlreiche Fledermausarten etabliert haben, wurde das Gebiet in das nationale Fledermausmonitoring aufgenommen. Somit werden in regelmäßigem Abstand die Kolonien und Individuen gezählt um eine Entwicklung der Bestände zu beobachten und gegebenenfalls Maßnahmen anzupassen. Um mittelfristig die Bedingungen zu verbessern, gilt es die alten Stollen und Öffnungen in einem guten Zustand zu erhalten.

Comme ces surfaces forestières et les galeries sont devenues des habitats essentiels pour de nombreuses espèces de chauves-souris, le site a été intégré dans le monitoring national de ces dernières. Ainsi, les colonies et les individus sont recensés à intervalles réguliers afin d'observer une évolution des populations et adapter les mesures si nécessaire. Afin d'améliorer les conditions à moyen terme, les anciennes galeries et orifices doivent être maintenus en bon état.

Les forêts de feuillus structurées doivent être étendues et protégées, et il faut veiller à conserver un grand nombre d'arbres biotopes ainsi que du bois mort dans les peuplements. L'idéal serait également une forêt comportant un grand nombre d'arbres atteignant un âge supérieur à 120 ans. En outre, tous les arbres présentant des gîtes ou autres cavités pour les chauves-souris doivent être préservés. La flore typique le long des ruisseaux devrait être favorisée afin d'améliorer les habitats de chasse des chauves-souris.

Die strukturreichen Laubwälder sollen ausgeweitet und geschützt werden und es soll darauf geachtet werden, eine Vielzahl an Biotopbäumen sowie Totholz im Bestand zu bewahren. Optimal wäre auch ein Wald, der eine Vielzahl an Bäumen aufweist, die ein Alter von über 120 Jahren erreichen. Außerdem sollen alle Bäume, die Fledermaus- oder sonstige Höhlen aufweisen, erhalten werden. Die typische Flora entlang der Bäche sollte gefördert werden um die Jagdreviere der Fledermäuse zu verbessern.

En dehors du site, il faut également veiller à créer un environnement adapté aux chauves-souris. En effet, ces dernières s'orientent grâce à des structures linéaires et permanentes dans le paysage. Il faut donc conserver ces dernières pour que

Auch außerhalb des Gebietes muss auf eine fledermausgerechte Umgebung geachtet werden. Fledermäuse orien-



^
 Verschlüssener Zugang zu einer Höhle, die den Fledermäusen als Winterquartier dient.

Accès fermé à une galerie, occupée par les chauves-souris comme gîte d'hiver.

© Christine Harbusch



tieren sich an linearen und dauerhaften Strukturen in der Landschaft – diese gilt es also zu erhalten, damit die Fledermäuse sich auch im Offenland orientieren können.

Es ist darüber hinaus auch wichtig anhand von Informationsschildern und Führungen die breite Bevölkerung über die Wichtigkeit dieses Waldgebietes aufzuklären sowie die Privatwaldbesitzer auf die Managementziele aufmerksam zu machen um diesen besonderen Standort für die Fledermäuse langfristig zu erhalten.

Es sei noch zu betonen, dass dieses Gebiet nicht vom COPIL Atert-Warkdall verwaltet wird, sondern vom COPIL Obersauer. Ansprechperson ist hier Herr Patrick Thommes vom Naturpark Öewersauer.

- > Den Managementplan des Natura 2000 Gebietes Perlé - Anciennes Ardoisières finden Sie auf www.emwelt.lu.

les chauves-souris puissent également s'orienter dans le milieu ouvert.

Il est également important d'informer le grand public sur l'importance de cette zone forestière à l'aide de panneaux d'information et de visites guidées, et d'attirer l'attention des propriétaires de forêts privées sur les objectifs de gestion afin de préserver à long terme ce site particulier pour les chauves-souris.

Il convient de souligner que cette zone n'est pas gérée par le COPIL Atert-Warkdall, mais par le COPIL de la Haute-Sûre. La personne de contact est ici M. Patrick Thommes du Parc Naturel de la Haute-Sûre.

- > **Le plan de gestion du site Natura 2000 Perlé - Anciennes ardoisières peut être consulté sur www.emwelt.lu.**



^

Die Nadelhölzer entlang der Rebich sollen in den kommenden Jahren entfernt werden, sodass sich wieder eine ufertypische Vegetation etablieren kann und sich das Jagdgebiet der Fledermäuse verbessert.

Les résineux le long de la Rebich seront enlevés au cours des prochaines années, ce qui permettra le rétablissement d'une végétation caractéristique des cours d'eau et améliorera l'habitat de chasse des chauves-souris.


© Dan Petry



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.
Gewässervertrag Attert
Contrat de Rivière Attert

43, Grand-Rue
L-8510 Redange
T 26 62 08 08
natura2000@attert.com
www.attert.com

Natura2000AtertWarkdall



Landwirtschaftliche Kooperation Attert & Wintger
Coopération agricole Attert & Wincrange

Trinkwasserschutz in der Region

Protection de l'eau potable dans la région

Neun Trinkwasserversorger aus der Region Attert und Wintger haben sich zusammengeschlossen um eine Kooperation mit den Landwirten zu gründen. Das Ziel: sauberes Grundwasser!

Neuf distributeurs d'eau potable de la région Attert et Wincrange se sont associés afin de fonder avec les agriculteurs (« concernés par les zones de protection ») une coopération agricole.

Le but : garantir une eau souterraine de bonne qualité.



Kooperation mit der Landwirtschaft

Das Einzugsgebiet der Attert ist reich an Quellen. Ein glücklicher Umstand. So können viele unserer Gemeinden das Trinkwasser aus eigenen Quellen schöpfen. Zudem nutzen auch die Trinkwassersyndikate DEA und SEBES einen Teil des Grundwassers aus dem Attert-Gebiet und führen es ihren Mitgliedsgemeinden zu. Sauberes Grundwasser ist also eine wichtige Ressource unserer Gegend, die es zu bewahren gilt.

2020 haben deshalb neun Wasserversorger aus der Region Attert und Wintger, davon sieben Gemeinden: Bissen, Ell, Grosbous, Mertzig, Préizerdaul, Redingen, Wintger und zwei Trinkwasserverbände: DEA und SEBES, einen Kooperationsvertrag für den Wasserschutz unterschrieben.

In den letzten 5 Jahren sind 3391 ha Trinkwasserschutzgebiete in den beteiligten Gemeinden ausgewiesen worden. Die Ausweisung weiterer 620 ha ist in Prozedur. Etwa 70% dieser Schutzgebiete werden landwirtschaftlich genutzt.

Den Wasserversorgern ist es daher ein Anliegen, die Landwirte aus der Region als Kooperationspartner mit an Bord zu nehmen.

Erste Schritte in diese Richtung erfolgten bereits ausgangs des letzten

Jahres, als 23 Landwirte zu einer Informationsversammlung in Redingen zusammenkamen. Ein weiteres Treffen im Januar dieses Jahres, brachte 42 interessierte Landwirte aus der Gegend um Useldingen zusammen.

Der Koordinator des Projektes betonte, daß die Kooperation dem gegenseitigen Nutzen, sowohl dem der Trinkwasserversorger als auch dem der Landwirte dient. Die ausgewiesenen Schutzzonen gehen zwar mit einer Anpassung der landwirtschaftlichen Nutzung an den Trinkwasserschutz und daher mit einer Verringerung der eingesetzten Düngemittel und Pflanzenschutzmitteln einher. Die Maßnahmen, die zu diesen Anpassungen führen, werden jedoch im Dialog mit den Landwirten der Kooperation aufgestellt. Auf keinen Fall soll der Trinkwasserschutz zu wirtschaftlichen Einbußen bei den landwirtschaftlichen Betrieben führen.

Landwirte, die bei der Aufstellung des Maßnahmenkatalogs mithelfen und von den finanziellen Anreizen einer wasserschonenden Bewirtschaftung profitieren wollen, können bereits der Kooperation beitreten. Bis zum Herbst wird mit einem ersten Maßnahmenkatalog gerechnet.

In der nächsten Ausgabe lesen Sie: Alternative Kulturen aus Trinkwasserschutzgebieten.

Informationsversammlung
in Useldingen
*Réunion d'information
à Useldange*

**Koordinator der
Trinkwasserkoope-
ration bei der DEA:**

Thomas Bodziuch

T 23 64 24-55

G 621 55 17 55

thomas.bodziuch@dea.lu

www.dea.lu



Quellfassung Tunnel - Beckerich
Captage tunnel - Beckerich

Coopération avec l'agriculture

Coordinateur de la coopération au sein de la DEA

Thomas Bodziuch

T 23 64 24-55

G 621 55 17 55

thomas.bodziuch@dea.lu

www.dea.lu

C'est une chance, le bassin versant de l'Attert est riche en sources. Ainsi nombreuses de nos communes peuvent utiliser l'eau de leurs propres sources. En outre, les fournisseurs d'eau potable DEA et SEBES puisent également l'eau des nappes souterraines de la région de l'Attert et fournissent leurs communes membres. L'eau potable est donc une ressource importante de notre région qu'il faut veiller à protéger.

C'est pour cette raison qu'en 2020, neuf distributeurs d'eau potable de la région Attert et Wincrange, dont les sept communes de Bissen, Ell, Grosbous, Mertzig, Préizerdaul, Redange, Wincrange et deux syndicats d'eau potable, DEA et SEBES, ont signé un contrat de coopération pour la protection de cette ressource.

Au cours des cinq dernières années, 3391 ha de zones de protection ont été créées autour des captages d'eau dans les communes membres. 620 ha supplémentaires se trouvent encore en phase de délimitation. Environ 70% de ces zones de protection sont occupées par des terres agricoles.

C'est pour cette raison que les distributeurs d'eau potable souhaitent travailler main dans la main avec les agriculteurs au sein de cette coopération.

Un premier pas a donc été fait dans ce sens, lorsque fin 2021, 23 agriculteurs se sont rassemblés lors d'une réunion d'information à Redange. Une réunion supplémentaire s'est déroulée début de cette année avec 42 agriculteurs exploitant des terres autour de la région d'Useldange.

